N°3696
Entrée le 25.02.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 25.02.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/02/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

De Contrôle technique vu sengem privaten an/oder berufflecher Gefier gehéiert zu dem Verkéiersaldag zu Lëtzebuerg. Déi ënnerschiddlech Sitte vun der SNCT an SNCA ginn dagdeeglech vill besicht an dorops opbauend versicht d'SNCT hire Service um Client och beschtméiglech ze verbesseren. No 2016 ass de Präis vum Contrôle technique och 2019 nach eng Kéier däitlech an d'Luucht gaangen. Et ginn, ausserhalb vun den Immatrikulatiounen, awer wéineg Statistiken, déi iwwert déi lescht 5 Joer weisen, a wéi eng Richtung déi ënnerschiddlech Entwécklunge ginn. D'Periodicitéit an eng méiglech Ännerung vun dëser duerch och dat verstäerkt Opkommen vun Elektroauten sinn och schonns vu mir an enger anerer parlamentarescher Fro thematiséiert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Iwwert déi lescht 5 Joer gekuckt, wéi huet sech d'Waardezäit bei engem Contrôle technique initial (dat heescht keen zweete Rendez-vous nodeems ee beim éischte Rendez-vous dat betreffend Gefier net autoriséiert huet) entwéckelt ?

2. Iwwert déi lescht 5 Joer gekuckt, wéi huet sech d'Proportioun vun de Gefierer entwéckelt, déi beim éischte Rendez-vous rejetéiert ginn ?

3. Sinn d'Krittäre vun de Kontrollen, déi beim Contrôle technique duerchgefouert ginn, an de leschte 5 Joer adaptéiert ginn ? Falls jo, wat ass hei geännert ginn ?

4. Sinn weider Augmentatioune bei den Tariffer an den nächsten 3 Joer geplangt ? Falls jo, wéini sollen dës ufalen ?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten